N°3623
Luxembourg, le 09.02.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 09.02.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/02/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur, Sozialversécherung & Aarbecht weiderzeleeden.**

Am Artikel 16 vum *Règlement grand-ducal du 21 octobre 1987 concernant le temps de travail et les congés des fonctionnaires communaux* ass festgehalen, dass fir Gemengebeamt:innen de Krankeschäin nëmmen ab dem Dag vu senger Ausstellung gëllt („date de délivrance“).

Eng retroaktiv Unerkennung ass domadder ausgeschloss, och wann den Dokter medezinesch ka feststellen, datt d'Aarbechtsonfäegkeet schonn an de viregten Deeg bestanen huet.

Domadder gëtt de Gemengebeamten ënnerschiddlech behandelt, ewéi zum Beispill ee Salarié am normalen Aarbechtsrecht, wou d'Retroaktivitéit vum Krankeschäin gereegelt ass. Och fir Staatsbeamten ass keng Bestëmmung virgesinn, déi d'Wierkung vun engem medezinesche Certificat strikt op den Dag vun der Ausstellung limitéiert. An der Praxis gëtt sech un de Reegelen a Prinzippie vun der CNS orientéiert, déi eng limitéiert retroaktiv Feststellung erlaabt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass d'Regierung der Meenung, dass dës Differenz an der Behandlung tëscht Gemengebeamten an anere Statuten d'Prinzip vun der Gläichbehandlung an der Verhältnisméissegkeet respektéiert?
2. Firwat gi Gemengebeamten heibäi ënnerschiddlech zu Leit aus anere Statute behandelt?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

3. Wéi ass et juristesch ze rechtfäerdegen, dass d'Gemengebeamten hire Krankeschäin net retroaktiv kënnen unerkenne loossen, wann d'Aarbechtsonfäegkeet vun engem Dokter fir déi viregt Deeg medezinesch zertifizéiert gouf an d'Méiglechkeet am CNS-Regime souwéi beim Staat oder den CFL existéiert an applizéiert gëtt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten